Esctrait du Livre:
'L'épopée des sans-uniforme' UNIO'N 1944-1979



# D'saach vu Peenemünde

De *spionage* spillt am krich eng grouss roll. Déi eenzel länner hun hir agenten a feindsland oder an de besate gebidder. Si spionéiere wat de géigner mécht, wat en huet, wat e plangt a si gin déi rênseignementer un hir regirong oder hir frënn, kréien och vun hinnen instruktiounen.

Well eis *regirong* mat der *Grande-Duchesse* an England an an Amerika gaang wor, hu lëtzebuerger resistenzler informatiounen iwer d'situatioun am lännchen a ronderëm dohi weidergeleed, iwert e belschen oder e franséische *réseau* oder och alt iwert e *geheimsender* (z.b. zu Rëmeleng).

Déi interessantst a wichtegst nouvelle déi d'Lëtzebuerger un déi Alliéiert gin hu, wor de fall *Peenemünde*, d'versuchsstatioun vun de V-bommen op der insel Usedom.

D'*V-bomm* wor déi grouss däitsch geheimwaff, e missil die wäit geräecht huet an eng grouss sprengkraaft hat (V-1 a V-2). Se wor nach net grad „au point", wéi — gelungenerweis — *Lëtzebuerger* op Peenemünde zwangsversat gouwen — et woren enrôlés de force am RAD. Et wor enn 1942 bis ufanks 1943. Et sollen zäitweis bis enger 100 lëtzebuerger jongen do gewiescht sin, äusserdiem krichsgefaangener. Si hu gesi, wat do gespillt gouw a si kruten och eräus wat derhanner stouch.



**An der bucht vu Pommern läit Peenemünde mat senge versuchsstatiounen. Lëtzebuerger woren no derbäi am Arbeitsdienst an hun do erëmspionéiert.**

Et as bal net ze gläwen, ower et as dach wouer, dass et op d'mannst zwéi vun hinne (P.G an H.R.) méiglech wor u *schrëftstécker* iwer d'V-bomm ze kommen a skizzen dervun ze man. Schrëftlech a mëndlech hu se dat wat se do zesummegelammelt haten un hir frënn doheem virugin. An op d'mannst 2 fäll woren dat mêmbre vu resistenzorganisatiounen (LVL an LPL) déi hirersäits e *service de renseignement* haten. Iwer 2 verschidde kaneel — wuel och nach iwer aner — gongen d'renseignementer op London. Do wollten se wuel am ufank net sou richteg un déi saach gläwen, mee et koumen och nach informatiounen am selwechte sënn vun Dänen, Polen a Fransousen. (Och aner Lëtzebuerger wéi J.W., R.S., L.K. asw. haten d'saach virugin.) Et gouwen ower du vun de fligeren äus photoe vu Peenemünde geholl — an am august



**Ganz operluegt wor de Camille Sutor (LVL), e stodent vun Iermsduerf, eng vun de gréisste figure vun der lëtzebuerger resistenz. As gefall am kamf mat der gestapo. Och hien hat an der affaire Peenemünde seng hand am spill.**



1943 hun d'Engländer, no engem détour iwer Berlin, d'fabrik kuurz a kleng geschlon. D'constructioun vun der V-bomm gouw duerch die sträech ferrem *retardéiert* an dat wor wichteg fir den äusgank vum krich. London, déi 8-milliounestad, an déi englesch südküst, vu wou äus d'invasioun geplangt wor an och lassgaangen as, hätten es soss al matkritt an de krich hätt wahrscheinlech méi laang gedauert. E wir zwar méi wéi sëcher net verluer gaang, mee en hätt können eng aner tournure huelen.

D'Engländer hun herno — ouni an détailler ze goën — confirméiert, dass bei deer actioun *Lëtzebuerger* hir hand am spill haten. D'nimm vun etleche vun denen dapere jongen a resistenzler si bekannt, muenchereen as schonn dout, resp. bei aner resistenzakten oder krichserägnësser ëmkom. D'lëtzebuerger resistenz huet domatt un enger grousser saach matgeschafft. an et wor hir gréisst actioun — net duerch déi vill leit déi dru matgeschafft hun, mee durch d'*importenz* an d'folgen. Och um kapitel spionage huet si mattgeschriwen. Et gouwe *gölle säite* vun eiser geschicht a wann och enges dags d'weltgeschicht d'Lëtzebuerger net sollt dobäi ernimmen, da wësse mir dach : si woren derbäi.




*Honteux, nous nous inclinons*
*à la citation de leurs noms.*
*De ces noms sans corps et de*
*ces âmes errant dans le désert*
*à la recherche de combattants*